



Äntwert vun der Madamm Gesondheetsministesch op d'parlamentaresch Fro n° 7215 vum 21. November 2022 vum honorabelen Deputéierten Här Sven Clement.

1. Wéi vill Pédiaater pro 1000 Awunner hu mir zu Lëtzebuerg?

Laut dem *Registre professionnel* vum Gesondheetsministère exzerzieren aktuell 137 Pédiater zu Lëtzebuerg.

Den Prorata un Pédiatren par Rapport zur Gesamtbevölkerung mécht wéineg Sënn, dowéinst erlaben mir eis den Prorata par rapport zur pediatrescher Patientèle ze rechnen, d.h. Kanner déi manner wei 16 Joer al sinn (Stand 2022 zu Lëtzebuerg: 109.387 Kanner ënner 16 Joer). Op 109.387 Kanner déi manner wei 16 Joer al sinn, zielt Lëtzebuerg aktuell 1,25 Pédiater pro 1.000 Kanner.

2. Wéi hunn sech dës Zuelen déi lescht 20 Joer entwéckelt?

Vun 2017-2021 hunn sech dës Zuelen folgendermoossen entwéckelt:

Zuel vun Pédiater gerechent op d'Populatioun zwëschen 0 bis 15 Joer (< 16 Joer)

	Aktiv Pédiaater (laut Registre professionnel)	Populatioun 0-15 Joer (Source : Statec)	Pédiaater pro 1000 Awunner (0-15 Joer)
2017	93	102 316	0,90
2018	106	103 500	1,02
2019	113	104 950	1,07
2020	122	106 605	1,14
2021	128	107 929	1,18

N.B. An dem Total sinn all Pédiater gezielt, d.h. och déi Pédiater déi an enger Administratioun oder an der Recherche schaffen an deemno keng pediatresch Consultatiounen maachen. An dëser Berechnung gëtt och net den Volume d'activité analyséiert.



3. Wéi vill Intensiv-Better an der Pédiatrie hu mer pro 100.000 Awunner?

An der Carte sanitaire 2021 sinn 5 Intensiv Better am Service national de Soins Intensifs pédiatriques an 16 Better am Service national de Neonatologie intensive recenséiert. Eng Autorisatioun vun 6 zousätzlechen Better am Service national de Neonatologie intensive ass akkordéiert ginn an den Projet de construction fir d'Extensioun vun den respektiven Servicier vun der Kannerklinik wäert ab Mëtt 2023 kënnen realiséiert ginn.

Dëst ergëtt een Taux vun 4,6 Intensivbetter an der Pédiatrie (soins instensifs pédiatriques) op 100.000 Kanner déi manner wéi 16 Joer al sinn.

4. Wéi hunn sech dës Zuelen déi lescht 20 Joer entwéckelt?

Nodeems 4 Better zënter 2012 exploitéiert goufen, ass mam Spidolsgesetz vun 2018 den Service soins intensifs pédiatriques autoriséiert ginn an et goufen déi uewegannten Better autoriséiert.

Am Kader vun der Bronchiolite-Epidemie déi nëmmen an eenzelnen Fäll IntensivBetter benéidegt, kann een berücksichtegen dass doniewent 20 Better am Service national de pédiatrie spécialisée autoriséiert an exploitéiert goufen.

Zousätzlech goufen 8 Better 2021 autoriséiert an aménagéiert déi et erlaabt hunn fir méi Kapazitéiten zur Verfügung ze hunn. Am Kader vum Aménagement vun der Kannerklinik wäerten zousätzlech Better fir dësen Service realiséiert ginn.

5. Wat gedenkt d'Regierung ze maachen, fir dass sech esou Problemer, wéi déi aktuell Situatioun mat de Bronchiolite-Fäll, an Zukunft net méi widerhuelen?

Den Projet de construction fir den Aménagement vun zousätzlechen Better wäert ab Mëtt 2023 realiséiert ginn an déi néideg Kapazitéiten zur Verfügung stellen. Aménagementen vun der Aktivitéit bei enger punktueller Spëtz vun Aktivitéit wäerten am Kader vun der Zesummenaarbecht vun den Spideeler gemeschert ginn.

Am Kader vun der Erneuerung vun den Genehmegungen vun den Spidolsservicier am Laf vun 2023 wäerten d'Servicier vun der Pédiatrie de proximité den Besoins adaptéiert ginn fir och ausserhalb vum Service national an den aneren Spideeler méi Kapazitéit ze hunn.

Lëtzebuerg, den 22. Dezember 2022

D'Gesondheesministesch
(s.) Paulette Lenert